Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5512 iwwert de Confinement vun enger Manifestatioun an der Avenue de la Liberté huet d'Regierung zu der Fro vun der Erhiewung vu perséinlechen Donnéeën dat hei geschriwwen: "*D'Donnéeë vun enger Identitéitskontroll kennen laut dem Artikel 5 vum Policegesetz bis maximal 6 Méint gehalen ginn, wann näischt géint déi concernéiert Persoun virleit. Generell ginn Telefonsnummeren vun de Leit net opgeschriwwen*".

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Policeminister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Minister confirméieren, datt sämtlech Donnéeë vu Leit déi de 15. Januar un där entspriechender Maniff deelgeholl hunn, mëttlerweil geläscht goufen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten